



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7062 vum 25. Oktober 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Wéi vill Automobiliste goufen an de leschte Woche vun deem mobile Radar geblëtzt? Wat war déi héchste Vitess op där Platz?

De mobile Radar, dee vum 17. August op de 27. Oktober 2022 op der N7 tëscht der Lëpschterdellt an der Closdellt opgestallt gi war, huet an där Period 7 445 mol geblëtzt. Déi héchste gemoesse Vitesse war op där Platz 183 km/h.

Wéini soll de mobile Radar op der Closdellt op eng aner Platz am Land verréckelt ginn?

De Radar ass de 27. Oktober 2022 geréckelt ginn.

Wat huet d'Ersetze vun deem futtisse Radar op der N7 kascht?

De Käschtepunkt vum Ersetze vum kapotte Radar op der N7 huet sech op ronn 130 000 Euro belaf.

Lëtzebuerg, den 28. November 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch